# Dossier 8

## Geografie an Ëmwelt

### De Kommentar zum Dossier 8

### Héierverstoen

- Den Naturmusée - En Interview mam Patrick Michaely

### Liesverstoen

- De Projet Nordstrooss

### Mëndlechen Ausdrock

- Presentatioun vun enger Regioun vu Lëtzebuerg

### Schrëftlechen Ausdrock

- E Lieserbréif zu engem Projet, deen en Impakt op d'Ëmwelt huet

### Literatur

- Michel Rodange: De Reenert

### Sprooch

- Varianten am Lëtzebuergeschen

# Kommentar Dossier 8

## *Theema: Geografie an Ëmwelt*

### Léierziler

- e Reportage / en Artikel iwwer ëmweltpolitesch Theeme verstoen
- detailléiert Informatiounen zouverlässeg weiderginn
- e Virtrag mathëllef vu Stéchwierder halen an nom Virtrag adequat op Froen oder Äusserunge reagéieren
- seng Meenung / säi Standpunkt kloer a fléissend ausdrécken a begrënnen
- an engem Gespréich de Bléck op d'Situatioun a verschiddene Länner lenken a vergläichen

### Beschreiwung vum Inhalt vum Dossier

Fir d'Geografie vu Lëtzebuerg kennen ze léieren, gëtt am Virfeld vum mëndlechen Ausdrock eng Aufgab proposéiert, an där d'Apprenanten a Gruppen déi fënnef touristesch Regioune presentéieren. Vun de Regioune kann een duerno am Volet *Sprooch* op déi verschidde Varianten an Dialekter vum Lëtzebuergeschen agoen. De *Reenert* vum Michel Rodange ass eng gutt Illustratioun vun dësen Dialekter a gëtt am Volet *Literatur* behandelt.
Wat d'ëmweltpolitesch Theeme betrëfft, ginn zwee Artikelen iwwert de Projet *Nordstrooss* proposéiert. An deem Zesummenhang kann een e Lieserbréif zu engem anere Projet, deen en Impakt op d'Ëmwelt huet, schreiwen.
Als Lauschtertext fënnt een an dësem Dossier en Interview mam Direkter vum Naturmusée.

### Zousätzlech Iddien

- Generell Informatiounen iwwert d'Geografie an d'Topografie vu Lëtzebuerg fënnt een zum Beispill hei (awer net op Lëtzebuergesch):
  *https://luxembourg.public.lu/fr/visiter.html* an
  *https://luxembourg.public.lu/de/gesellschaft-und-kultur.html*

- Wat d'Lëtzebuerger Naturparke betrëfft, ginn et och e puer interessant Internetsitten, zum Beispill:
  *https://www.naturpark.lu/*,
  *https://www.naturpark-sure.lu/offer/smart-durch-den-naturpark/* an
  *https://www.naturpark-mellerdall.lu/videoserie-kurioses-im-natur-geopark/*

- D'Spill „Kenns du Lëtzebuerg? Junior Editioun" kann hëllefen, d'Lëtzebuerger Uertschafte besser situéieren ze léieren.

- Zum Theema Nordstrooss kéint een och nach dëse Reportage vun rtl.lu kucken, an deem déi perséinlech Meenung vun enger Eenzelpersoun duergestallt gëtt:
  *https://www.rtl.lu/news/national/a/711897.html*
  Flott historesch Fotoen an e Video zu dësem Theema fënnt een hei:
  *https://www.wort.lu/de/lokales/historische-bildergalerie-nordstrooss-50a27986e4b0f09219140f28* an
  *https://www.wort.lu/de/lokales/nordstrassen-gegner-bausch-durchschneidet-das-band-5602c0480c88b46a8ce60cab*

- Um Internetsite vum Naturmusée fënnt een zum Beispill d'Natur[musée]geschichten an och vill aner interessant Informatiounen op Lëtzebuergesch:
  *https://www.mnhn.lu/lu/blog/category/naturmuseegeschichten/*
  Och iwwert de Loschbuermann, deen een am Naturmusée ka gesinn, gëtt et e klenge Reportage op Lëtzebuergesch:
  *https://www.youtube.com/watch?v=w8rrzdlJMtE*

- Zu der neier Editioun vum Reenert (SRIPT /ZLS, Lëtzebuerg, 2022) gëtt et en interessante Presentatiounsvideo: *https://youtu.be/lYq3bCE19yo*

## Aner Theemen, déi am Kader vun dësem Dossier kéinten interessant sinn

- Wann een d'Theema Natur- an Déierewelt vu Lëtzebuerg nach verdéiwe wëllt, kann een dat zum Beispill mat der Serie *Eist wëllt Lëtzebuerg* maachen:
  *https://play.rtl.lu/shows/lb/eist-wellt-letzebuerg/episodes*

- D'Lëtzebuerger Flouernimm kann een esouwuel sproochlech wéi och thematesch flott an dësen Dossier abannen:

  *https://www.wort.lu/de/kultur/de-stoff-aus-der-supp-cannabis-spueren-an-de-flouernimm-5f042a75da2cc1784e3610d3*

  *https://100komma7.lu/article/aktualiteit/volleksetymologien-a-flouernimm*

Zu all dësen authentesche Reportagë kann een Aufgaben ausschaffen. Eng Hëllef, fir esou authentesch Texter ze didaktiséieren, fënnt een am Dokument *Aufgabestellunge fir Héier- a Liesverstoen*.

Fir kleng schrëftlech Produktiounen ze sammelen, eegent sech e Padlet generell gutt, well jiddereen aus der Klass all d'Produktioune gesinn an eventuell och kommentéiere kann. Ausserdeem kënnen d'Apprenantë sech d'Verbesserunge vun der Léierpersoun esou ukucken.

## Grammatesch Punkten

Am Kader vun dësem Dossier kéint een nach eng Kéier op de Passiv mat *ginn* a mat *kréien* agoen.

## Impressum

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B2
Dossiere 7 - 9
INLL – Institut national des langues Luxembourg, Lëtzebuerg, Mäerz 2023

INSTITUT NATIONAL DES LANGUES LUXEMBOURG

All d'Materialien (Texter, Illustratiounen, Fotoen an Tounopnamen) däerfe fir Unterrechtszwecker kopéiert a verwäert ginn, wann d'Quell ugi gëtt. Se däerfen net zu kommerziellen Zwecker benotzt ginn.
Fotoen, Texter an Tounopnamen, fir déi den INLL d'Benotzungsrechter vun anere Persounen oder Organisme kritt huet, däerfen net weiderverwäert ginn.

Auteuren: Angie Gaasch, Jackie Messerich (INLL)
Berodung: Claudio Nodari (Institut für Interkulturelle Kommunikation, Zürich)
Relecture: Danny Leyder, Isabelle Simon (INLL), Myriam Welschbillig
Korrektorat: Myriam Welschbillig
Illustratiounen, Layout: lex&pit weyer créations et publicité
Tountechnik: IP Luxembourg
Administrativ Koordinatioun: Joëlle Hentges (INLL)
Ënnert der Leedung vun der Direktioun vum INLL: Maisy Gorza

E grousse Merci un all déi Persounen, déi matgehollef hunn, dëse Projet ze realiséieren.

ISBN 978-99959-40-08-9

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# *Den Naturmusée – En Interview mam Patrick Michaely*

*1. Kuckt d'Fotoen. Beschreift, wat Dir op de Fotoe gesitt. Deelt Är Informatiounen an der Klass.*



© Privatfoto: Jackie Messerich



© MNHNL



© Marc Lazzarini - standart / Luxembourg City Tourist Office

*2. Lauschtert den Interview mam Patrick Michaely. Liest déi fënnef Zwëschentitelen an nummeréiert se an der richteger Reiefolleg.*

- ☐ Informatiounen zum Gebai
- ☐ Informatiounen zur Persoun
- ☐ Satisfaktioun duerch d'Aarbecht
- ☐ D'Zesummenaarbecht mat aneren Institutiounen
- ☐ D'Missioune vum Naturmusée

*3. Notéiert déi fënnef Zwëschentitelen aus der Aufgab 2 elo hei. Lauschtert déi fënnef Deeler vum Interview an notéiert déi wichtegst Informatiounen a Stéchwierder.*

1. Deel: ______________________________________________

______________________________________________

2. Deel: ______________________________________________

______________________________________________

3. Deel: ______________________________________________

______________________________________________

4. Deel: ______________________________________________

______________________________________________

5. Deel: ______________________________________________

______________________________________________

*4. Lauschtert den Interview nach eng Kéier ganz a completéiert Är Notizen. Schafft duerno zu zwee a vergläicht Är Stéchwierder an Notizen.*

5. *Maacht unhand vun Äre gemeinsamen Notizen zesummen e Resumé vum Interview. Schreift dräi bis véier Sätz pro Deel vum Interview. Dir kënnt dofir verschidde vun dëse Sätz a Sazufäng benotzen.*

Am Ufank vum Interview gi mir gewuer, datt …

Ier hien Direkter ginn ass ...

Op déi éischt Fro äntwert de Patrick Michaely, datt …

Hien zielt op, wat …

Wat d'Zesummenaarbecht mat anere Muséeën oder Institutiounen ugeet, erkläert hien, datt …

Am drëtten Deel erzielt hien, wat …

Am leschten Deel geet hien op … an an erzielt, wat …

Hie preziséiert, datt …

6. *Sicht nach weider Informatiounen zum Naturmusée an deelt se an engem Padlet, deen d'Léierpersoun fir Iech preparéiert huet.*

Informatioun fir d'Léierpersoun:

Gitt op *www.padlet.com* a kreéiert e Padlet no dësem Modell:



# Vocabulaire

| | |
|---|---|
| Fossil (n) | |
| ausgebilt | |
| versuergen | |
| Sammlung (f) | |
| konservéieren | |
| fuerschen | |
| Fuerschung (f) | |
| Erkenntnis (f) | |
| verschwannen | |
| Ausstellung (f) | |
| en Zweck erfëllen | |
| tatsächlech | |
| eppes gewuer ginn | |
| zu eppes féieren | |
| Prisong (m) | |
| Mëttelalter (n) | |
| Spuer (f) | |
| stamen | |
| erueweren | |
| zerstéieren | |

*2. Lauschtert den Interview mam Patrick Michaely. Liest déi fënnef Zwëschentitelen an nummeréiert se an der richteger Reiefolleg.*

1. Informatiounen zur Persoun
2. D'Missioune vum Naturmusée
3. D'Zesummenaarbecht mat aneren Institutiounen
4. Satisfaktioun duerch d'Aarbecht
5. Informatiounen zum Gebai

*5. Maacht unhand vun Äre gemeinsamen Notizen zesummen e Resumé vum Interview. Schreift dräi bis véier Sätz pro Deel vum Interview. Dir kënnt dofir verschidde vun dëse Sätz a Sazufäng benotzen.*

Am Ufank vum Interview gi mir gewuer, datt de Patrick Michaely zënter Mee 2022 Direkter vum Naturmusée ass. Hien huet sech nach ëmmer fir Natur a Muséeën interesséiert. Hie schafft zënter méi wéi 28 Joer am Naturmusée, wou hien no sengem Studium vun der Biochimie ugefaangen huet. Ier hien Direkter ginn ass, huet hien am Kommunikatiounsdepartement vum Musée geschafft.

Op déi éischt Fro äntwert de Patrick Michaely, datt de Musée dräi Haaptmissiounen huet. Hien zielt op, wat dës Missioune sinn, an zwar: d'Konservéiere vu Sammlungen, d'Fuerschung an d'Ausstellungen.
Et geet drëm, d'Sammlunge richteg ze versuergen, duerch d'Fuerschung Erkenntnisser iwwer d'Biodiversitéit ze kréien an de Leit Loscht ze ginn, an de Musée ze kommen, a se doduerch fir déi Theemen ze sensibiliséieren.

Wat d'Zesummenaarbecht mat anere Muséeën oder Institutiounen ugeet, erklärt hien am zweeten Deel, datt si souwuel mat anere Fuerschungsinstituter a mat der Uni zesummeschaffen, mee och mat anere Muséeën, wann et drëm geet, grouss ëffentlech Evenementer ze organiséieren, wéi zum Beispill d'*Nuit des musées* oder de *Luxembourg Museum Day*. Hie betount, datt esou Evenementer just dann hiren Zweck erfëllen, wann d'Muséeën zesummeschaffen. Hie weist och op déi héich Zuel vu Muséeën hin, déi et zu Lëtzebuerg gëtt.

Am drëtten Deel erzielt hien, wat him besonnesch gutt u senger Aarbecht gefält. Hie freet sech, wann d'Leit an de Musée kommen an him erzielen, datt et hinne gefält oder datt si eppes geléiert hunn. Dat gëtt him dann och perséinlech eng grouss Satisfaktioun.

Am leschten Deel geet hien op d'Gebai an, an deem den Naturmusée zënter 1996 ass. Hien erzielt, wat fir Funktiounen dat Gebai virdrun hat, an zwar war et de Fraeprisong bis 1984 a virdrun en Hospiz, eng Zort Spidol fir aarm Leit. Hie preziséiert, datt déi éischt Tracen op 1308 zeréckginn, datt d'Gebai, sou wéi et haut ass, awer zum groussen Deel aus dem 17. Joerhonnert ass. Et war ënnert dem Louis XIV zerstéiert ginn an huet missen nei opgebaut ginn.

# De Projet Nordstrooss

*1. Wat wësst Dir iwwert de Projet Nordstrooss? Schwätzt a klenge Gruppen. Sicht weider Informatiounen a Fotoen am Internet an deelt Är Informatioune mat der Klass.*

*2. Kuckt de Video. Resuméiert an engem Saz, wat fir en Impakt d'Nordstrooss op d'Madamm am Video huet. Schwätzt a klenge Gruppen iwwert den Impakt, deen d'Nordstrooss op Iech perséinlech huet.*

Quell: RTL Journal, Nordstrooss: Test am Beruffstrafic, 24.09.2015

Mir geet et d'selwecht wéi der Madamm am Video. Ech …
Wann et d'Nordstrooss net géif ginn, …
Ouni d'Nordstrooss bräicht ech …
Wéinst der Nordstrooss kann ech …

Mech betrëfft déi Strooss iwwerhaapt net. Ech wunnen a schaffen …
Ech fueren ni …

Ech fannen d'Nordstrooss …
Ech kann (net) novollzéien, datt …
Dëse Projet hätt (net) sollen …

*3. Maacht Gruppen zu zwee, fir mat deenen zwee Artikelen iwwert de Projet Nordstrooss ze schaffen. Deen een Artikel ass vun 2009, deen anere vun 2015.*

1) Liest fir d'éischt eleng jeeweils ee vun den Artikelen iwwert d'Nordstrooss an ënnerstäicht déi wichtegst Informatiounen.
2) Maacht eng kleng schrëftlech Preparatioun, fir Ärem Partner / Ärer Partnerin d'Haaptinformatiounen aus dem Artikel an Ären eegene Wierder matzedeelen.
3) Schafft duerno zesummen, fir eng Zäitlinn vun 1967 bis 2015 vum Projet Nordstrooss opzestellen.
4) Schafft och zesummen, fir eng Lëscht mat positiven an negativen Aspekter, déi an deenen zwee Artikelen ernimmt ginn, ze maachen.
5) Vergläicht d'Resultat vun Ärer Aarbecht aus 3) a 4) mat engem aneren Zweeër-Grupp.
6) Diskutéiert zesummen an der Klass iwwert d'Problematiken, d'Virdeeler an d'Nodeeler vum Projet Nordstrooss a sot Är perséinlech Meenung dozou.

Artikel 1

# Projet Nordstrooss: D'Nordstad mam Zentrum a Süde verbannen

RTL|Update: **08.10.2009** 15:21

Iwwer eng Nordstrooss gouf laang Zäit nogeduecht: nom Zweete Weltkrich goufen éischt Diskussiounen zu deem Theema gefouert, als éischt gouf de Projet am Gesetz „Fonds des Routes" vun 1967 ernimmt. Am Ufank gëtt iwwer eng Westvariant vun der Strooss geschwat, déi d'Autoe géing westlech vun der N7 laanscht Steesel a Walfer bis op d'Areler Autobunn an d'Stad féieren.

Schlussendlech decidéiert sech d'Chamber awer am Mäerz 1992 fir d'Ostvariant, déi dem aktuellen Tracé vun der Nordstrooss entsprécht. 1997 gëtt d'Gesetz iwwer d'Ostvariant vun der Nordstrooss gestëmmt, säit 1998 gëtt a verschiddenen Etappen um Projet geschafft. Déi lescht Etapp, den Tunnel Stafelter, gouf den 1. September 2008 ugefaang.

D'ganz Nordstrooss, vun der Jonctioun Gréngewald um Kierchbierg bis zum Echangeur Ierpeldeng, huet eng Längt vun 31,5 km. Um Projet gouf an dräi groussen Etappe geschafft:

Colmer-Bierg – Schëndels (Ouverture de 16. November 2001)
Schëndels – Luerenzweiler (Ouverture de 24. Januar 2008)
Luerenzweiler – Kierchbierg

### Stroossen am Uelzechtdall entlaaschten

D'Haaptzil vun dësem grousse Projet ass natierlech, d'Nordstad méi schnell mam Zentrum a Süden ze verbannen a sou och hir Entwécklung ze férderen. E gewënschten Nieweneffekt dovun ass d'Entlaaschtung vun de Stroossen am Uelzechtdall, dee mam Verkéier vun der Stad an den Norden iwwerfuerdert ass.

### Problemer beim Tunnelbau

Ganz am Ufank gouf ugeholl, d'Nordstrooss kéint 2006 fäerdeg ginn, een Datum, deen awer duerno aus diverse Grënn net agehale konnt ginn: de Gousselerbierg ass bei de Bauaarbechte gerutscht, déi fundamental Pläng vum Grouft hu misse wéinst neien europäeschen Direktiven ëmgeännert ginn.

Fir déi lescht Etapp vum Projet, den Tunnel Stafelter, ass eng Bauzäit vu véier Joer virgesinn, deemno misst en Enn 2012 fäerdeg ginn. D'Streck tëscht den zwee Tunnele Grouft a Stafelter gëtt direkt ugefaang, dëse Projet ass een Deel vum Konjunkturpak vum Staat, fir d'Economie ze relancéieren.

## Positive Bilan säit der Ouverture vum Gousselerbierg

Bis elo zitt de Minister e positive Bilan vun de Resultater säit der Ouverture vum Gousselerbierg. De Verkéier tëscht Miersch a Luerenzweiler ass ëm ronn 45 Prozent erofgaang. Allerdéngs huet den Tunnel och als logesch Konsequenz, datt den Trafick tëscht Luerenzweiler a Walfer ëm 10 Prozent eropgaang ass, well d'Autoen dann nom aktuellen Enn vun der Nordstrooss iwwer d'N7 a Richtung Stad weiderfueren. Et kéint een awer dovun ausgoen, datt den Uelzechtdall wäert entlaascht ginn, wa bis déi ganz Nordstrooss op ass, sou de Minister.

## D'Nordstrooss als Deel vum ganze Mobilitéitskonzept

Méi Verkéier wäert et och um Kierchbierg ginn, wann d'Nordstrooss bis op ass. D'Iddi vum Ministère ass, hei den ëffentlechen Transport esou attraktiv ze gestalten, datt d'Leit den Auto doheem loossen oder vun engem Park & Ride profitéieren. De Projet vun der Gare périphérique um Kierchbierg huet als Zil, datt d'Leit spéitstens do op den ëffentlechen Transport ëmklamme sollen.

Quell: Gekierzten an ugepassten Text vun *https://www.rtl.lu/news/national/panorama/35411.html*

Artikel 2

# Aweiung vun der Nordstrooss, Enn vu jorelaange Kontroversen?

Radio 100,7 - **23. Sep 2015** - 18:15

Wéi de Bau vun der Nordstrooss den 9. Juli 1997 an der Chamber diskutéiert gouf, war d'Opreegung ënnert den Deputéierte grouss. Den deemolege Chamberpresident Jean Spautz hat missen agräifen, fir d'Gemidder ze berouegen.

Déi Gréng waren déi eenzeg Partei, déi géint d'Nordstrooss gestëmmt hat. An enger engagéierter Ried hat de gréngen Deputéierte Camille Gira, haut Staatssekretär am Ëmweltministère, gemengt, d'Nordstrooss wier kee Grond fir ze feieren. Ënnert anerem fir d'Leit aus dem Uelzechtdall, „well et steet haut scho schwaarz op wäiss geschriwwen, datt dës Strooss hir Liewensqualitéit net esou verbessere wäert, wéi si dat versprach kritt hunn". De Camille Gira hat deemools och d'Manéier kritiséiert, wéi d'Regierung an d'Majoritéitsparteien „sech géint eng Minoritéit vun Aneschtdenkenden duerchgesat huet".

Den deemolegen LSAP-Bauteminister Robert Goebbels hat déi grouss Poleemik ëm d'Nordstrooss bedauert. „Den Auto ass an eiser Gesellschaft onverzichtbar, quitte datt ech mat all deenen d'accord sinn, déi soen, datt den Auto nach am Interessi vun der Ëmwelt muss méi propper ginn." De Camionsverkéier wier aus der Gesellschaft net ewechzedenken, e wier net duerch den ëffentlechen Transport ze ersetzen, sou de Robert Goebbels op der Chamberstribün.

## D'Positioun vun Ecologisten haut

Ëmweltorganisatioune protestéieren och haut nach géint d'Nordstrooss. Verkéiersproblemer géif se keng léisen, duerch de Bau wieren dogéint irreparabel Schied am Gréngewald entstan, huet de Mouvement écologique viru Kuerzem geschriwwen. Am Réckbléck bedauert seng Presidentin Blanche Weber, datt am Debat net déi bescht Argumenter gezielt hätten. „Bei der Nordstrooss huet eis am meeschte wéigedoen, datt een de Match op Net-Argumenter verluer huet", sou d'Blanche Weber am Juli am 100,7-Interview.

Och den aktuelle gréngen Infrastruktur- an Nohaltegkeetsminister François Bausch huet sech laang géint d'Nordstrooss gewiert. Hien ass haut nach net honnertprozenteg vum Projet iwwerzeegt. Hie kéint awer novollzéien, datt d'Leit vun Ettelbréck méi séier a respektiv bei d'Stad erof kéinte kommen.

Quell: Gekierzten an ugepassten Text vun
*https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/aweiung-vun-der-nordstrooss-enn-vu-jorelaange-kontroversen*

# Vocabulaire

## Artikel 1: Projet Nordstrooss: D'Nordstad mam Zentrum a Süde verbannen

| | |
|---|---|
| Diskussioune féieren | |
| ernimmen | |
| entspriechen | |
| stëmmen | |
| entlaaschten | |
| fërderen | |
| iwwerfuerdert sinn | |
| unhuelen | |
| en Datum (net) anhalen | |
| virgesinn | |
| e Bilan zéien | |
| ronn ... Prozent | |
| ëmklammen | |

## Artikel 2: Aweiung vun der Nordstrooss, Enn vu jorelaange Kontroversen?

| | |
|---|---|
| Aweiung (f) | |
| agräifen | |
| Gemitt (n) | |
| stëmmen | |
| Et steet schwaarz op wäiss geschriwwen. | |
| sech duerchsetzen | |
| bedaueren | |
| onverzichtbar sinn | |
| Schued (m) | |
| wéidoen | |
| sech wieren | |
| novollzéien | |

*3. 3) Schafft duerno zesummen, fir eng Zäitlinn vun 1967 bis 2015 vum Projet Nordstrooss opzestellen.*

Zum Beispill:

1967: De Projet gëtt am Gesetz „Fonds des Routes" ernimmt.

1992: Decisioun fir d'Ostvariant

1997: Gesetz iwwer d'Ostvariant

vun 1998 un: Ufank vun den Aarbechten

2001: Ouverture vum éischten Deel (Colmer-Bierg – Schëndels)

2008: Ouverture vum zweeten Deel (Schëndels – Luerenzweiler)

2008: Déi lescht Etapp gouf ugefaangen.

2015: Ouverture vum drëtten Deel (Luerenzweiler – Kierchbierg)


*3. 4) Schafft och zesummen, fir eng Lëscht mat positiven an negativen Aspekter, déi an deenen zwee Artikelen ernimmt ginn, ze maachen*

Zum Beispill:

| Positiv Aspekter | Negativ Aspekter |
|---|---|
| D'Nordstad mam Zentrum a Süde verbannen | Verschidden Delaie goufen net agehalen. |
| D'Entwécklung vun der Nordstad fërderen | Den Trafic tëschent Luerenzweiler a Walfer ass 2008 ëm 10 % eropgaangen. |
| Entlaaschtung vun de Stroossen am Uelzechtdall | méi Verkéier um Kierchbierg |
| De Verkéier tëschent Miersch a Luerenzweiler ass ëm 45 % erofgaangen. | irreparabel Schied am Gréngewald |
| | D'Liewensqualitéit am Uelzechtdall wäert net verbessert ginn. |
| | keng Léisung fir de Verkéiersproblem |

# Presentatioun vun enger Regioun

Déi fënnef touristesch Regioune vu Lëtzebuerg



*1. Maacht Gruppe vu maximal dräi Leit. Sicht um Internet no Informatiounen zu enger vun deene fënnef touristesche Regioune vu Lëtzebuerg. Maacht duerno eng Presentatioun an der Klass vun „Ärer“ Regioun. Benotzt dofir den Opbau hei drënner.*

Eise Grupp presentéiert d’Regioun …

Geografesch gesi läit dës Regioun …

Hei sinn e puer Zuelen a Fakten zu dëser Regioun: …

Wat besonnesch interessant un dëser Regioun ass, ass …

*2. Wat fir Regioune fannt Dir opgrond vun de Presentatiounen am interessantsten? Verdeelt Punkte vu 5 (= déi interessantst) bis 1 (= déi oninteressantst).*

| **Regioun** | **meng Punkten** |
|---|---|
| Éislek | |
| Mëllerdall | |
| Minett | |
| Musel | |
| Stad an Ëmgéigend | |

*3. Vergläicht an Ärem Grupp, wéi vill Punkten Dir deene verschiddene Regioune ginn hutt an argumentéiert Är Punkteverdeelung. Rechent den Total pro Regioun aus.*

Mir gefält d’Regioun ... am beschten, well ...

Ech hunn der Regioun … x Punkte ginn, well …

Besonnesch beandrockt huet mech bei där Regioun …

Ech war iwwerrascht ze héieren, datt …

Ech hunn der Regioun … nëmmen x Punkte ginn, well …

D’Regioun … fannen ech net sou interessant, well ...

| **Regioun** | **meng Punkten** | **Punkte vum** ___________ | **Punkte vum** ___________ | **Total** |
|---|---|---|---|---|
| Éislek | | | | |
| Mëllerdall | | | | |
| Minett | | | | |
| Musel | | | | |
| Stad an Ëmgéigend | | | | |

*4. Tauscht Iech mat deenen anere Gruppen aus. Deelt Är Gewënnerregioun mat a resuméiert d'Argumenter, mat deene si gewonnen huet.*

An eisem Grupp hat d'Regioun ... déi meescht Punkten.

Argumenter fir dës Regioun sinn zum Beispill ...

Besonnesch gutt gefall huet eis …

Mir waren eis eens doriwwer, datt …

Allerdéngs muss ee soen, datt ...

*5. Preparéiert eng Presentatioun vun enger Uertschaft oder enger Stad zu Lëtzebuerg. Orientéiert Iech dofir un dëser Struktur an illustréiert Är Presentatioun wa méiglech mat Fotoen.*

Wielt e passenden Titel.

Erklärt an der **Aleedung**, firwat Dir dës Plaz gewielt hutt.

Gitt **generell Informatiounen** iwwert d'Plaz an eng kuerz Beschreiwung vun der Regioun, an där se läit.

Maacht duerno eng **detailléiert Beschreiwung** vun der Uertschaft oder der Stad. Gitt op interessant oder wichteg Plazen oder Elementer an, presentéiert Zuelen a Statistiken an erklärt, firwat eng Visitt dohinner sech eventuell lount.

Ronnt Är Presentatioun mat e puer **Schlusswierder** of.

# E Lieserbréif

Vëlosbréck iwwer Neiduerf



© Screenshot aus dem Reportage zur Vëlosbréck, 02.06.2022

Remark:
Dat hei ass e fiktive Lieserbréif, deen op engem Reportage vun rtl.lu baséiert (*https://www.rtl.lu/mobiliteit/news/a/1921957.html*, Kontrovers: D'Vëlosbréck Weimeschhaff-Cents deelt Awunner a Politik). D'Iwwerleeungen an d'Argumenter, déi an dësem Reportage ugeféiert goufen, si fir didaktesch Zwecker an e Lieserbréif ëmgewandelt ginn. Dëse Lieserbréif spigelt net d'Meenung vun den Auteure vum didaktesche Material erëm.

*1. Kuckt fir d'éischt d'Struktur vum Lieserbréif. Liest duerno d'Deeler vum fiktive Lieserbréif an nummeréiert se vun 1 bis 5.*

| |
|---|
| 1<br>Uleies/Gefiller |
| 2<br>Kontext/Fakten |
| 3<br>Argumentatioun |
| 4<br>Léisungsvirschléi |
| 5<br>Schluss |

Mee mir ginn d'Hoffnung net op.
Leider ass et dann esou, datt elo rechtlech Schrëtt ageleet musse ginn, fir géint de Bau vun dëser, an eisen Ae komplett onnëtzer, Bréck virzegoen.
Ech hoffen, datt domat eppes erreecht gëtt, fir d'Wuel vun eisen Awunner, mee och vun eiser wäertvoller Déierewelt.

Ëm wat geet et?
2007 ass de Projet vun enger Vëlosbréck tëscht dem Weimeschhaff an dem Cents opkomm. D'Pläng sinn do, de Projet ass geneemegt. D'Vëlosbréck soll 200 m laang ginn an am Ganze 6 m breet, Käschtepunkt dovun: 24 Milliounen Euro. Enn 2022 sollen d'Aarbechten ufänken an 2025 solle se ofgeschloss sinn. Schéin a gutt, mee:

Enn des Jores sollen d'Aarbechte fir de Bau vun der Vëlosbréck tëscht dem Weimeschhaff an dem Cents ufänken. Ech als Awunner vum Neiduerf war vun Ufank u géint de Projet. Ech si rosen an enttäuscht, datt den Neiduerfer Syndikat net vun de Politiker gehéiert gouf an eis Argumenter ignoréiert ginn. Mat dësem Bréif wëll ech nach eng Kéier op dat Uleies opmierksam maachen.

Schonn zanter dem Ufank vum Projet wiere mir, verschidden Awunner vum Neiduerf, eis vehement dogéint, an dat aus gudde Grënn.
Éischtens gesi mer den Zweck vun dëser Bréck net an. Déi Bréck mécht de Quartier sécher net méi attraktiv, am Géigendeel, se géif e verschampeléieren. Mir wëlle keng Tonne Stol a Bëtong iwwert eise Käpp. Ausserdeem zweifele mir ganz staark drun, datt se vill genotzt géif ginn. Dobäi kënnt, datt d'Bréck guer net direkt an d'Geschäftsvéierel um Kierchbierg féiert.
Wat mir och bedenklech fannen, ass, datt dee Projet votéiert gouf, ouni datt Etüde gelies gi sinn, déi anscheinend virleien, déi mir awer ni gesinn hunn. Ech bezéie mech hei op eng Gemengerotssëtzung vum Enn vum leschte Joer, an där direkt e puer Parteie kritiséiert hunn, datt déi Etüde feelen.
Et geet heibäi ëm d'Déierewuel. Dir musst nämlech wëssen, datt net wäit vum geplangte Bau vun der Bréck Näschter vun Échelen (Uhu) fonnt gi sinn. D'Échel steet europawäit ënner Naturschutz. Zu Lëtzebuerg ginn et just nach 20 Koppelen an déi mussen onbedéngt geschützt ginn. Wa se bréien, däerfe se op kee Fall gestéiert ginn. Eleng schonn duerch d'Beliichtung vun der Bréck géif dee Vugel, deen nuetsaktiv ass, bei der Juegd gestéiert ginn a säi Liewensraum wier ageschränkt.
Alles an allem fir eis genuch Argumenter, de Bau vun dëser Bréck ze stoppen.

Et gëtt jo esou vill iwwer Wunnengsnout geklot. Firwat net déi iwwer 20 Milliounen Euro, déi fir dësen iwwerflëssege Projet virgesi sinn, an de Bau vu bezuelbarem Wunnraum investéieren?
A wann et dann awer als absolut noutwendeg ugesi gëtt, eng Bréck tëscht de Weimeschhaff an den Cents ze maachen, da kéint ee vläicht nach eng Kéier iwwert de Standuert nodenken. Ausserdeem kéint ee se vläicht net grad esou breet an imposant maachen, mee e bësse méi diskreet. Ech denken do zum Beispill un eng Struktur aus Holz.

*2. Kuckt den Tablo mat den Inhalter, déi Dir braucht, fir e Lieserbréif ze verfaassen.*

| | |
|---|---|
| **Uleies/Gefiller** | Sot, firwat Dir dee Lieserbréif schreift; dréckt Är Gefiller aus: Sidd Dir iwwerrascht, rosen, enttäuscht<br>oder<br>begeeschtert, erstaunt, perplex?<br>Hutt Dir Angscht oder sidd Dir zouversiichtlech? |
| **Kontext/ Fakten** | Resuméiert hei de Projet, iwwer deen Dir am Lieserbréif schreift: Wou, wat, wéini, wie sinn d'Acteuren? Gitt Zuelen a Statistiken un. Erkläert, wat decidéiert a geplangt ass, wat scho geschitt ass a wat eventuell nach verhënnert ka ginn. |
| **Argumentatioun** | Nennt Argumenter fir an/oder géint de Projet; sot Är Meenung. |
| **Léisungsvirschléi** | Nennt eventuell Alternativen. Schlot aner Léisunge vir. |
| **Schluss** | Dréckt Hoffnung op Gehéiertginn a Versteesdemech aus. |

*3. Formuléiert e Lieserbréif, fir Är Meenung zu engem Projet matzedeelen, deen en Impakt op d'Ëmwelt huet a vun deem Dir Iech betraff fillt. Argumentéiert, firwat Dir dee Projet gutt oder schlecht fannt. Alternativ dozou kënnt Dir och op eng aktuell problematesch Ëmweltsituatioun opmierksam maachen.*

Schreift 400–500 Wierder.
Orientéiert Iech un der Struktur vum Tablo virdrun.

# Léisungen

*1. Kuckt fir d'éischt d'Struktur vum Lieserbréif. Liest duerno d'Deeler vum fiktive Lieserbréif an nummeréiert se vun 1 bis 5.*


| | |
|---|---|
| 1 Uleies/ Gefiller | Enn des Jores sollen d'Aarbechte fir de Bau vun der Vëlosbréck tëscht dem Weimeschhaff an dem Cents ufänken. Ech als Awunner vum Neiduerf war vun Ufank u géint de Projet. Ech si rosen an enttäuscht, datt den Neiduerfer Syndikat net vun de Politiker gehéiert gouf an eis Argumenter ignoréiert ginn. Mat dësem Bréif wëll ech nach eng Kéier op dat Uleies opmierksam maachen. |
| 2 Kontext/ Fakten | Ëm wat geet et?<br>2007 ass de Projet vun enger Vëlosbréck tëscht dem Weimeschhaff an dem Cents opkomm. D'Pläng sinn do, de Projet ass geneemegt. D'Vëlosbréck soll 200 m laang ginn an am Ganze 6 m breet, Käschtepunkt dovun: 24 Milliounen Euro. Enn 2022 sollen d'Aarbechten ufänken an 2025 solle se ofgeschloss sinn. Schéin a gutt, mee: |
| 3 Argumentatioun | Schonn zanter dem Ufank vum Projet wiere mir, verschidden Awunner vum Neiduerf, eis vehement dogéint, an dat aus gudde Grënn.<br>Éischtens gesi mer den Zweck vun dëser Bréck net an. Déi Bréck mécht de Quartier sécher net méi attraktiv, am Géigendeel, se géif e verschampeléieren. Mir wëlle keng Tonne Stol a Bëtong iwwert eise Käpp. Ausserdeem zweifele mir ganz staark drun, datt se vill genotzt géif ginn. Dobäi kënnt, datt d'Bréck guer net direkt an d'Geschäftsvéierel um Kierchbierg féiert.<br>Wat mir och bedenklech fannen, ass, datt dee Projet votéiert gouf, ouni datt Etüde gelies gi sinn, déi anscheinend virleien, déi mir awer ni gesinn hunn. Ech bezéie mech hei op eng Gemengerotssëtzung vum Enn vum leschte Joer, an där direkt e puer Parteie kritiséiert hunn, datt déi Etüde feelen.<br>Et geet heibäi ëm d'Déierewuel. Dir musst nämlech wëssen, datt net wäit vum geplangte Bau vun der Bréck Näschter vun Échelen (Uhu) fonnt gi sinn. D'Échel steet europawäit ënner Naturschutz. Zu Lëtzebuerg ginn et just nach 20 Koppelen an déi mussen onbedéngt geschützt ginn. Wa se bréien, däerfe se op kee Fall gestéiert ginn. Eleng schonn duerch d'Beliichtung vun der Bréck géif dee Vugel, deen nuetsaktiv ass, bei der Juegd gestéiert ginn a säi Liewensraum wier ageschränkt.<br>Alles an allem fir eis genuch Argumenter, de Bau vun dëser Bréck ze stoppen. |
| 4 Léisungsvirschléi | Et gëtt jo esou vill iwwer Wunnengsnout geklot. Firwat net déi iwwer 20 Milliounen Euro, déi fir dësen iwwerflëssege Projet virgesi sinn, an de Bau vu bezuelbarem Wunnraum investéieren?<br>A wann et dann awer als absolut noutwendeg ugesi gëtt, eng Bréck tëscht de Weimeschhaff an den Cents ze maachen, da kéint ee vläicht nach eng Kéier iwwert de Standuert nodenken. Ausserdeem kéint ee se vläicht net grad esou breet an imposant maachen, mee e bësse méi diskreet. Ech denken do zum Beispill un eng Struktur aus Holz. |
| 5 Schluss | Mee mir ginn d'Hoffnung net op.<br>Leider ass et dann esou, datt elo rechtlech Schrëtt ageleet musse ginn, fir géint de Bau vun dëser, an eisen Ae komplett onnëtzer, Bréck virzegoen. Ech hoffen, datt domat eppes erreecht gëtt, fir d'Wuel vun eisen Awunner, mee och vun eiser wäertvoller Déierewelt. |

# Michel Rodange: De Reenert

*1. Sicht Biller, Fotoen an Informatiounen iwwert de Reenert am Internet. Deelt dat mat der Klass am Padlet, deen Är Léierpersoun preparéiert huet.*

Informatioun fir d'Léierpersoun:

Gitt op *www.padlet.com* a kreéiert e Padlet no dësem Modell:




*2. Lauschtert de Reportage vum Radio 100,7 iwwert de Michel Rodange.*



(Foto: IenUS)

## De Papp vum Renert

27. Aug 2021 - 12:40

Wann een Nationaldichter zu Lëtzebuerg seet, da kommen engem dräi Nimm an de Kapp: de Edmond de la Fontaine, besser bekannt als Dicks, dann de Mechel Lentz an de Michel Rodange. Hei geet awer speziell iwwer de Michel Rodange rieds, well et si genee 145 Joer hier, datt deen a Clausen gestuerwen ass. De Michel Rodange ass ee vun de bedeitendste Lëtzebuerger Auteuren. A säi bekanntstent Wierk ass ouni Zweiwel "De Renert".

© *https://www.100komma7.lu/program/episode/362284/202108271720-202108271724, 11.01.2023*

*No der aktueller Orthografie gëtt* De Reenert *mat zwee "e" geschriwwen. Et gesäit een den Numm awer och nach dacks an där aler Schreifweis.*

3. *Liest a lauschtert déi éischt fënnef Strophen. Liest duerno d'Remarken.*

D'Audioopname stame vun der © CD *Renert oder de Fuuss am Frack an a Ma'nsgrësst*. Centre National de Littérature, 2002. Spriecher: Steve Karier.

| **Vers 1-20** | **Remarken** |
|---|---|
| Et war esou ëm d'Päischten,<br>'t stung alles an der Bléi,<br>An d'Villercher di songen<br>Hir Lidder spéit a fréi. | De Michel Rodange schreift *stung* amplaz *stoung* an *di* amplaz *déi*. Hie benotzt hei keng Diphthongen, wéi et an der haiteger Standard-sprooch de Fall ass.<br>*songen* ass eng al Imparfaitsform vum Verb *sangen*. |
| Du rifft de Léiw, de Kinnek,<br>All Déier op e Fest<br>Am Gréngewald zesuemen,<br>An 't koumen all seng Best. | zesuemen = zesummen<br>seng Best = seng Bescht |
| Di Räich als wéi di Arem,<br>Den Hiersch an d'Päerd an d'Réi,<br>Se waren all geruff ginn,<br>A Mitock, Mësch a Kréi. | als wéi = esouwéi<br><br>*Mitock, Mësch a Kréi* si Villercher. |
| Se koumen all mat Träppen,<br>'t gesouch ee bal keen Enn,<br>Zu Fouss an op de Fliichten,<br>Mat Schniewlen a mat Zänn. | = Se koumen all an Träpp. = Se koumen all a grousse Gruppen.<br>Fliichten = Flilleken |
| A wann och kee géif feelen,<br>Dat wier dem Kinnek léif;<br>Wien hätt geduecht, datt Reenert,<br>De Fuuss, ewech do bléif? | = De Kinnek hätt am léifsten, wa kee géif feelen.<br><br>ewechbleiwen = net kommen |

Quell vum Primärtext: Michel Rodange: Reenert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst. SCRIPT / ZLS, Lëtzebuerg 2022, S. 19.

4. *Am éischten Deel vum Eepos bekloe vill Déiere sech beim Kinnek iwwert de Reenert. Liest a lauschtert, wat verschidden Déieren iwwert hir Erfarunge mam Reenert ze soen hunn. Resuméiert an notéiert dat an engem Saz.*

| **Vers 55-68** | **Remarken** |
|---|---|
| De Wollef trëtt zum Kinnek<br>a fiert net ëm de Bräi. | net ëm de Bräi fueren = eppes riichteraus soen |
| Hie sot: „Mäin Här a Kinnek,<br>O héiert dajch mäng Klo!<br>Allmächteg a verstänneg<br>Dat woort Dir ëmmer jo. | De Wollef schwätzt wéi d'Leit uewen am Éislek an de Michel Rodange gëtt dat an der geschriwwener Sprooch erëm. Zum Beispill: *dajch* amplaz *dach* a *mäng* amplaz *meng*. |
| Dir misst Iech dajch erbaarmen!<br>Wat äch jelidden hann<br>Mäi Liäwe lank vam Reenert<br>Jett Schoad a Schimp a Schann! | = Ech hu mäi Liewe laang missen erdroen, datt de Reenert mer geschuet huet a mer Schan gemaach huet. |
| En hatt mer d'Fra bejaajchelt,<br>Mat Schwätze bland jemaajcht,<br>A wi en hirer mikt wor,<br>äis allebitt auslaajcht.<br>[...] | = En huet meng Fra verféiert,<br>mat Schwätze blann gemaach,<br>a wéi en hirer midd war,<br>eis alle béid ausgelaacht. |

Quell vum Primärtext: Michel Rodange: Reenert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst. SCRIPT / ZLS, Lëtzebuerg 2022, S. 20 f.

*De Wollef beklot sech, datt de Reenert* ________________________________________

______________________________________________________________________

| **Vers 89-125** | **Remarken** |
|---|---|
| Drop koum den Hond, de Finnett,<br>Erbäi zum Kinneksstoul;<br>Franséisesch kann dee schwätzen<br>Als wi eng Gabberjoul. | = Kinneksstull (Troun)<br>= vill a gutt schwätzen<br>eng *Gabberjoul* = eng Vullenaart/eng Kréi |
| Hie sot: „Där wëscht, Här Kinnek,<br>Ech sinn zu Bieles Wiert;<br>D'lescht owes koum de Reenert,<br>En huet den Dronk gespiert.<br>[...] | Den Hond schwätzt Escher. Zum Beispill: *Där* amplaz *Dir* a *wëscht* amplaz *wësst*.<br><br>= e war liicht alkoholiséiert |
| En dronk en etzlech Schappen,<br>E gouf recht frou derbei.<br>Op eemol koum et klappen;<br>Wien ass do? ‚D'Polizei!'<br>[...] | eng *Schappen* = 0,5 Liter<br><br>D'Police kënnt, well Feierowend ass an de Wiert keng Gäscht méi dierft hunn. |
| Berdouf! mécht du de Reenert<br>E Saz an aus der Këscht,<br>An oune ze bezuelen<br>Ass mär de Fuuss entwëscht. | De Reenert hat sech an enger Këscht verstoppt, wou Wurschten dra waren.<br>Hie spréngt aus där Këscht eraus a leeft fort (mat de Wurschten, wéi mir an der nächster Stroph gewuer ginn). |
| Du duescht ech u meng Wuurschten;<br>Déi Këscht wor hallef voll.<br>Mäin lessen hat de Reenert,<br>An ech säi Protokoll!" | |

Quell vum Primärtext: Michel Rodange: Reenert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst. SCRIPT / ZLS, Lëtzebuerg 2022, S. 21 f.

*Den Hond seet, datt* ____________________________________________

______________________________________________________________

| Vers 126-136 | Remarken |
|---|---|
| „Här Finn“, jaut du de Kueder<br>A sprung vu sengem Seess,<br>„’t ass reecht, datt Iech de Fiisschen<br>Déi Wuusten huat gefreess. | *jaut* ass deen alen Imparfait vu *jäizen*<br>= an ass vu sengem Sëtz gesprongen<br>De Kueder schwätzt Veianer. Zum Beispill: *Wuusten* amplaz *Wurschten* an *hoat* amplaz *huet*. |
| Wat wëllt Dir hea verkloen?<br>Här Finn, Är Klo ass hual:<br>Dir hat dem uarme Kuader<br>Déi Wuuste jo gestual!<br>[...] | = Wat wëllt Dir hie verkloen?<br>Här Finn, Är Klo ass huel (= net valabel)<br>Dir hat dem aarme Kueder,<br>déi Wurschte jo gestuel! |

Quell vum Primärtext: Michel Rodange: Reenert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst. SCRIPT / ZLS, Lëtzebuerg 2022, S. 21 f.

*De Kueder preziséiert, datt*________________________________________

____________________________________________________________

| **Vers 181-196** | **Remarken** |
|---|---|
| Dee sot: „Mer geet vum Reenert<br>Hei net zum Finn erof,<br>Ewell als Déif a Mäerder<br>Verdéint de Fuuss sein Strof. | De Réibock schwätzt Iechternacher. Zum Beispill: *verdéint* amplaz *verdéngt* a *sein* amplaz *seng*. |
| Vu Bieles bas no Beiler,<br>Vun Ell bas Eechternooch,<br>Wou gëtt, äich fron, dir Héiren,<br>Esu en Näistert nooch? | = Vu Bieles (am Süden) bis op Beiler (am Norden) vun Ell (am Westen) bis op Iechternach (am Osten) wou gëtt et, ech froen, Dir Hären,<br>esou en Näischnotz nach? |
| Ging Räich a Kinnek ënner,<br>Dem Reenert lig näist dron,<br>Giff heen derbäi gewannen<br>E Muefel vun em Hon. | = Wann d'Räich an de Kinnek géingen ënnergoen, da léich dem Reenert näischt dodrun (= dem Reenert wier et egal), soulaang hien dobäi e Maufel vun engem Hong géif gewannen. |
| Wat déinen is d'Gesetzer?<br>Hee micht sich näist deraus,<br>Hee lieft, als wann heen Héir wier,<br>A laacht de Kinnek aus.<br>[...] | = Wat déngen eis d'Gesetzer?<br>Hie mécht sech näischt doraus,<br>hie lieft, wéi wann hien Här (= de Chef) wier,<br>a laacht de Kinnek aus |

Quell vum Primärtext: Michel Rodange: Reenert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst. SCRIPT / ZLS, Lëtzebuerg 2022, S. 21 f.

*De Réibock* ____________________________________________

____________________________________________________

| **Vers 261-272** | **Remarken** |
|---|---|
| De Kinnek sot: „Dir Hären,<br>Dir koumt vu weit a breet<br>A fannt Iech hei zesuemen,<br>Dat mécht mer grousseg Freed. | De Kinnek schwätzt Stater. Zum Beispill: *weit* amplaz *wäit*. |
| Mam Reenert ass et anescht:<br>Ier Kloe sinn net nei<br>A wär hie ganz onschëlleg,<br>Da wär en och wuel hei. | En anert Beispill fir Stater ass *Ier* amplaz *Är*. |
| ’t këmmt selten eppes Guddes<br>Vum Reenert dach eraaus;<br>Ech wor schunns laang gedëlleg,<br>Nu geet d’Gedold mir aaus.<br>[...] | këmmt = kënnt<br><br>= elo ass meng Gedold eriwwer |

Quell vum Primärtext: Michel Rodange: Reenert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst. SCRIPT / ZLS, Lëtzebuerg 2022, S.21f.

Sprooch: Varianten am Lëtzebuergeschen

# Varianten am Lëtzebuergeschen

*1. Liest den Artikel iwwer d'Schnëssen-App.*


## Wat ass d'Schnëssen-App?

*Schnëssen* ass déi éischt App, fir d'Lëtzebuerger Sprooch vun haut an all hire Facettë mat Toun-Opnamen ze erhiewen an ze dokumentéieren.

Egal, ob Dir 'nik', 'nit' oder 'net' sot, ob Dir oft 'séier' oder dacks 'schnell' sot –, mir a mär siche Leit, Lékt a Lëtt, déi Freed drun hunn, geschwatent Lëtzebuergesch mat der App ze sammelen! Matmaache ka jidd(w)ereen, dee Lëtzebuergesch schwätzt – egal, ob jonk oder al, Mammesproochler oder net, ob vu Steebrécken, aus dem Pommerlach oder vum Rouscht. Mir wëllen dat ganzt Spektrum vum Lëtzebuergeschen héieren: Schwätzt an eis App eran – spontan a sou wéi gewinnt, egal aus wéi engem Eck vum Land Dir kommt. Mat Ärer Participatioun hëlleft Dir eis immens bei der Erfuerschung vun der Sprooch an hiren Dialekter.

Iwwert d'App kënnt Dir all Opnam direkt lauschteren an dobäi d'Villfältegkeet vum haitege Lëtzebuergesche kenneléieren. D'Zil ass et, d'Sprooch vun all Generatioun aus all Uertschaft am Land fir de Grand public an d'Fuerschung ze dokumentéieren.

Net nëmmen op dëser Säit, ma och an der App an op Facebook an op Twitter, kritt dir ëmmer déi neist Informatiounen iwwer a ronderëm d'App.






© Screenshot Schnëssen-App, https://infolux.uni.lu/schnessen/, 31.05.2022

*2. Am Kader vun der Schnëssen-App goufen ënnert anerem déi dräi Wierder* Leit, net *a* Freideg *analyséiert. Kuckt op de follgende Screenshotten aus der Schnëssen-App déi regional Ënnerscheeder a liest d'Explikatiounen dozou.*

# *Leit*

Zu wéi enger Regioun a Variant gehéiert Dir?
Ähnlech wéi fir de 6. Dezember (*net*), ass och d'Verdeelung vun dëse Variante vum Begrëff *Leit*. Vum déiwe Minett bis op d'Héicht vun Dikrech kann ee gesinn, datt et bal keng Ofweichunge vun dësem Standard gëtt. Just am östlechsten Deel vum Osten gëtt et *Lätt*-Spriecher, an den Norden ass däitlech an dräi gedeelt. Den östleche Beräich huet de Standard *Leit* gréisstendeels iwwerholl a keng regional Form méi. De méi zentralen Deel vum Norden huet e méi oder manner konsequente Gebrauch vu *Läkt*, wärend den héijen Eislek quasi ausschliisslech *Lékt* benotzt. Wéineg Auswäertunge ware sou kloer a bestëmmte Beräicher ënnerdeelbar, wéi dës Kaart weist.









Am Verglach mam *Luxemburger Sprachatlas* (1963) huet sech d'Sproochlandschaft dach zolidd geännert. Déi éischter östlech Form *Lätt* ass staark zeréckgaangen an déi südlech Form *Lett* ass – op d'mannst an eisen Daten – guer net méi ze fannen.

© *https://infolux.uni.lu/dvariante-vu-leit/*, 16.11.22

# *net*

Den Norden an de Rescht.
Op Kleeserchersdag beschäftege mir eis mat deene jeeweilege Variante vun *net*. Wéi d´Kaart ënnersträicht, ass d´*net*-Form däitlech verbreet, ze erkennen dorun, datt am Zentrum, am Süden an am Oste quasi just déi Variant existéiert (mat wéinegen Ausnamen). Am Weste loosse sech nach *nit*-Spriecher erkennen, och wann d´Gebitt am Verglach mat der Kaart aus dem *Luxemburgischer Sprachatlas* méi kleng ginn ass. De westlechen Deel vum Éislek huet déi bekannt *nik*– resp. *nék*-Forme behalen. D´Verbreedung vun dëse Formen ass (am Verglach zu där am LSA) nach ëmmer ganz ähnlech, och wa sech an eise Schnëssen-Daten eng Partie *net*-Beleeger an d´*nik/nék*-Gebitt ënnergemëscht hunn.









© *https://infolux.uni.lu/dvariante-vun-net/*, 16.11.22

# Freideg

Mir hunn eis dru ginn an als éischt Wuert de „Freideg" ausgewäert. Hei gesitt Dir d'regional Verdeelung vun de verschiddene Varianten. Am Ganzen hu mer bis elo 530 Äntwerte kritt, déi sech op sechs Haaptvariante verdeelen:




*Legend:*
Freideg: hellblo
Freiden: däischterblo
Freidig: orange
Fregdeg: hellgréng
Fregdig: däischtergréng
Freddeg: rout
Aner Formen: schwaarz (z.B. Freddig, Fregdes, Fraddig)

Wat äis dobäi opfält:
D'Form „Freiden" (däischterblo) huet sech an de leschte Joerzéngte massiv aus dem Minett eraus am ganze Land ausgebreet an ass am Gaangen de „Freideg" ze verdrängen. An Zuelen ausgedréckt: 205 „Freideger" vs. 263 Mol „Freiden". Dës Entwécklung betrëfft och déi aner Wochendeeg (Méinden, Sonnden etc.) an Zäitangaben (Nomëtten, Mëtten). Den Ënnerscheed gesäit een däitlech, wann ee sech déi entspriechend Kaart aus dem „Luxemburger Sprachatlas" ukuckt; deemols waren nämlech Formen op -en just am Südwesten ze fannen.

Fir de Süde war deemols och d'Form „Frëdden" ganz geleefeg, mee, wéi et schéngt, kënnt se hautesdags kaum méi vir. Awer vläicht ännert sech dat jo nach, wann nach méi (eeler) Leit aus dem Süde matmaachen.

© *https://infolux.uni.lu/freideg-freiden-fregdeg-oder-freddeg/*, 16.11.22

Am neie Variatiounsatlas kritt Dir nach méi sproochwëssenschaftlech Informatiounen iwwer sproochlech Variatiounen an de verschiddene Regiounen.
Hei ass de Link: *https://infolux.uni.lu/laufende-projekte/variatiounsatlas/*

3. *Wéi ass d'Situatioun an Ärer Mammesprooch? Ginn et vill Variante vun eenzele Wierder? Ginn se just anescht ausgeschwat oder geschriwwen oder sinn et komplett aner Wierder? Schwätzt am Grupp an tauscht Iech aus. Gitt e puer konkreet Beispiller.*

